De Mouvement Ecologique asbl sich fir direkt eng / een

RESPONSABEL/E FIR „KOMMUNIKATIOUN A PROJETEN“ (M/F)

(28-40 St. CDI)

Äert Aarbechtsgebitt:

- **Entwéckelen, organiséieren a begleede vun enger kreativer Ëffentlechkeetsaarbecht** am Kader vun Aktivitéiten, Campagnen a Projeten
- **Sécherstellung an Duerchféiere vun der medialer Opbereedung vu Campagnen, Stellungnamen, Konferenzen**, … e.a. via Begleedung u Podcast‘en, visuell Duerstellung an de soziale Medien, Erstellen a schneide vu Videoclips …
- **Koordinatioun a Gestioun vun der Präsenz am Internet an op de soziale Medien**
- **Organisatoresch a koordinatoresch Begleedung vu Projeten**
- **Opbereedung an Iwwerschaffe vun Texter**
- **Entwécklung an Ëmsetze vu Strategien am Beräich vun der Memberuwerbung a vu Spenden**

Wat mir erwaarden:

- Initiativgeescht, Kreativitéit a staarken Interessi un Ëmweltthemen
- Kompetenzen an der Kommunikatioun an der Organisatioun vu Projeten
- Identifikatioun mat der Philosophie vum Mouvement Ecologique a Bereetschaft sech dynamesch an enger lieweger éierenamtlech baséierter ONG anzebréngen
- Sproochen (fléissend geschwat): lëtzebuergesch, franséisch, däitsch an englesch
- Ganz gutt Fäegkeete fir d’Redaktioun vun Texter (D/F, Englesch vu Virdeel)
- Erfarung mat Programmer fir déi graphesch a visuell Veraarbechtung si vu groussem Virdeel: Indesign, Photoshop, Videoveraarbechtungsprogammer…
- Eng qualifizéiert Ausbildung passend zum Profil: Sproochen, Kommunikatioun, Kreativdesign, Journalismus, Grafiks-aarbechten ….

Wat mir bidden:

- D‘Méiglechkeet d’Kommunikatioun vum Mouvement Ecologique mat ze prägen
- Eng lieweg Diskussiounskultur an enger engagéierter Organisatioun
- D’Méiglechkeet sech a grondsätzlechen Erausfuerderunge vun der nohalteger Entwécklung aktiv anzebréngen
- Lien’e mat Acteuren aus ënnerschiddleche gesellschaftleche Kreesser
- Eng flott haapt- an éierenamtlechen Equipe
- E villfältegen Aarbechtsberäich.

Schéckt Är Kandidatur mat CV a Motivatiounsbréif bis den 2. Abrëll 2024 un

Mouvement Ecologique asbl
6, rue Vauban, L-2663 Luxembourg
oder per E-mail un: meco@oeko.lu
Tel.: 43 90 30 - 1

mouvement écologique